Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 21. Juni 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

D'Aarbechten op der N 10 tëscht Maarnech an Dosbuerg lafen elo scho säit enger gudder Zäit. Mir ass an deem Kontext zougedroe ginn, datt et am Kader vun dëser Stroossenerneierung zu ongléckleche Ëmstänn komm ass, déi d'Finaliséiere vun dëser Strooss op eng net akzeptabel Manéier verlängeren. Et wier deemno esou, datt d'Lëtzebuerger Naturverwaltung (Administration de la nature et des forêts) dogéint wier, datt eng Rei Beem missten ëmgemaach ginn, fir esou kënnen op där Plaz Leitplanken ze installéieren. D'Stroossebauverwaltung (L'Administration des ponts et chaussées) géif sech awer weigeren, d'N 10 fir den Trafic erëm opzemaachen, esou laang op därer genannter Plaz keng Leitplanke géife stoen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Kann den Här Minister déi uewe genannten Informatioune confirméieren?
2. Wa jo, ass den Här Minister net der Meenung, datt dës fir d'Benotzer vun der N 10 inakzeptabel Situatioun elo sou séier wéi méiglech gereegelt misst ginn? Wéi gedenkt den Här Minister elo konkret virzegoen, fir dës Situatioun ze reegelen an a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Re-Ouverture vun der N 10 gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**